30 Joer Scouten St. Maximilian Kolbe *(J. Ferber)*

Op Initiative vun den Häre Jos Sauber (Paschtouer), Nico Muller (Gendaarm) a Fernand Pletschette gouf zu Groussbus am Joer 1986 d'Propos gemeet fir e Scoutsgrupp ze grënnen. Kuerz Zäit drop war et esou wäit, an et koum an Zesummenaarbecht mat deene 6 Gemengen Bieberech, Groussbus Mäerzeg, Useldeng, Viichten a Wahl zur offizieller Grëndung vun de "Groussbusser Scouten". Am September 1986 waren déi éischt Versammlungen mat de Kanner. Bei enger klenger Jubiläumsfeier, gouf de 4. November 2017 ee Réckbléck op 30 Joer aktiivt Schaffen vum Scoutsgrupp gemaach. Bei der Geleeënheet kruten vir un allem de Valy Boden, laangjäregen Gruppechef, an de Fernand Pletschette, Keessier vun der éischter Stonn un, Merci gesot fir hir vill Aarbecht während all deeër Zäit, iert si hier Posten elo aus Altersgrënn zur Verfügung gestallt hunn. Mir wënschen der neier Equippe ënnert der Leedung vun hirem Gruppechef Jean-Claude Schmit vill Erfolleg an hirer Aarbecht mat eise Kanner a Jugendlechen.

Während der Jubiläumsfeier kruten de Valy Bodem an de Fernand Pletschette Merci gesot fir hir laangjäreg Verdéngschter am Grupp

D'Lou Ney beim Virdroen vun der, vun him 1992 verfasten, Europahymne op Lëtzebuergesch

Gruppebild mat der LGS-Commissaire générale Anouk Galassi (3. vu riets) an LGS Commissaire générale adjoint Yves Marchi (2. v. riets)